


*D'Gräfin Ermesinde iwwereecht ee Fräiheetsziedel am Jor 1236*

# Fränkésche Sprachwierders-kalenner fir 't Jor 1989

Ce calendrier comporte pour chacun des 365 jours de l'année 1989 un proverbe ou dicton, reflet de la sagesse populaire des pays de langue francique luxembourgeoise. Si certains représentent des idées dépassées à l'heure actuelle, leur ensemble constitue un trésor culturel d'une valeur inestimable et irremplaçable.

**Collectage :** Albert-Louis PIERNET avec l'aide du dictionnaire luxembourgeois.

**Graphisme :** Marcel KONNE.

Sur chaque page, vous trouverez une reproduction d'une carte postale ancienne d'un village de l'Arelerland.

Les cartes reproduites dans ce calendrier nous ont été aimablement prêtées par M. Gaby THOMMES d'Arlon (Arel) et sélectionnées pour vous par Mme Simone CLESSE de Sampont (Sues).

Ce calendrier a été réalisé et édité par Hemechtsland a Sprooch association pour la promotion et la défense de la culture francique luxembourgeoise.




ARELER LAND A SPROOCH

# 1989

*As Dräikinneksdag*
*hell a klor*
*Da gët et vill Wäin*
*An Dësem Jor.*

## Arel : d'Lampachermillen.

# Januar - Haartmount

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *All Déier säi Plëséier* | Neijooschdag | |
| Méindeg | 2 | *Alles muss en Ufank hun* | Addalar | |
| Dënschdeg | 3 | *Alles huet séng Zäit* | Wewa - Wewi | |
| Mëttwoch | 4 | *All Päif kritt emol e Lach* | Rigobär | |
| Donneschdeg | 5 | *All Sënn huet hire Momper* | Edi - Gerlach | |
| Freideg | 6 | *All Ufank as schwéier* | Mëlani - Melli | |
| Samschdeg | 7 | *All Vulle stierwen, nëmmen d'Näidvullen nët* | Aldrich | ● |
| **Sonndeg** | **8** | *All Weër féieren no Roum* | Dräikinneksdag | |
| Méindeg | 9 | *All Zort Wäin huet séng Hief* | Allix | |
| Dënschdeg | 10 | *Al Vulle si schwéier ze plëmmen* | Wëllem | |
| Mëttwoch | 11 | *Al Wonne bludde gär* | Paulin | |
| Donneschdeg | 12 | *Am dréiwe Waasser as gutt fëschen* | Elred | |
| Freideg | 13 | *Am Soff hun déi meescht esou vill Verstand ewéi déi Gescheist am Land* | Ivett - Hillär | |
| Samschdeg | 14 | *Am Wäin erdrénken der méi ewéi am Waasser* | Flëx | ◐ |
| **Sonndeg** | **15** | *An deer Zäit wou-s d'op de Ree waarts, kanns d'awer netzen* | Rëmi | |
| Méindeg | 16 | *An déi Päif geet eng Gewan voll Tubak* | Muerzel | |
| Dënschdeg | 17 | *As de Wäin am Mann, dann as säi Verstand am Glas* | Antoun | |
| Mëttwoch | 18 | *As d'Zopp versalzt, dann as d'Käche verléift* | Liber | |
| Donneschdeg | 19 | *As näischt méi un der Schwaart, da gi gutt Zäiten haart* | Wulstan | |
| Freideg | 20 | *As Sträit am Stot, dann as Mann a Fra schëlleg* | Baschtian | |
| Samschdeg | 21 | *Aus engem Patt duerfe keng Pätt gin* | Agnis | ○ |
| **Sonndeg** | **22** | *Aus Spaass gët dacks Eescht* | Vinz | |
| Méindeg | 23 | *Bas de schëlleg, da sief gedëlleg* | Illefooss | |
| Dënschdeg | 24 | *Bau der am Jonktem en Uewen, da kanns de dech am Alter dra wiermen* | Fras | |
| Mëttwoch | 25 | *Beréier keng Wonn wann-s de se nët flege kanns* | Pauls Bekéierong | |
| Donneschdeg | 26 | *Besser all sonndes voll wéi iwwerhaapt nët ze fëllen* | Pola | |
| Freideg | 27 | *Besser e béisst Wuert ageschléckt ewéi gesot* | Anjhel | |
| Samschdeg | 28 | *Besser e gudde Schënner ewéi e schlechten Dokter* | Tommes | |
| **Sonndeg** | **29** | *Besser schiel ewéi geckeg* | Jhildes | |
| Méindeg | 30 | *Besser verhaasst ewéi veruecht* | Battil | ◑ |
| Dënschdeg | 31 | *Bestueden an defen zegläich, dat nennt ee sech tommelen* | Marsëli | |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




1989

*D'Spiirkelin huet*
*Siwe Mäntel un.*
*Sou dacks ewéi et schneit*
*deet s'een aus.*

Attem : de Waasserpull.

# Februar-Spiirkel

## Kazemount-Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *Bleif der selwer trei a kuck nët no aner* | Sijhisbär |
| Donneschdeg | 2 | *Bleif jidderee a séngem Revéier, dann huet all Saach hire gudde Gank* | **Liichtmesdag** |
| Freideg | 3 | *D'An op odder de Beidel* | Blasi |
| Samschdeg | 4 | *Dat as eng traureg Wäsch, wou kee Maanleitshiem dran as* | Vronni |
| **Sonndeg** | **5** | *Dat räichste Kleed as gefiddert mat Häärzeleed* | Agätt |
| Méindeg | 6 | *Dat wat-s de sees zielt wéineg, dat wat-s de méchs vill* | Gasti |
| Dënschdeg | 7 | *Dee bei Reen ënnerdaach as, denkt nët un déi dobaussen* | **Fuesdënschdeg** |
| Mëttwoch | 8 | *Dee gären séng Rou hätt, dee lauschtert, kuckt a seet näischt* | **Äschemëttwoch** |
| Donneschdeg | 9 | *Dee kee Schnapp wëllt hun, muss eng Kap opdun* | Aplouni |
| Freideg | 10 | *Dee kee Spaass ka verdroen, soll nët ënnert Leit goen* | Arno |
| Samschdeg | 11 | *Dee kee Verdross huet, mécht sech ës* | Giergen |
| **Sonndeg** | **12** | *Dee kengem traut, deem as nët ze trauen* | **Ounesonndeg - Buurgsonndeg** |
| Méindeg | 13 | *Deem ech nët gefalen am Schmotz, deem gefalen ech och nët am Botz* | Ermesind |
| Dënschdeg | 14 | *Deem et ze wuel as muss sech bestueden* | Välten |
| Mëttwoch | 15 | *Deen eemol alles seet, huet duerno näischt méi ze soen* | Glued |
| Donneschdeg | 16 | *Deen ee verléift sech an eng Rousenheck, deen aner an e Kéidreck* | Jhulli |
| Freideg | 17 | *Deen eppes wëllt sin, muss och eppes maachen* | Fintan |
| Samschdeg | 18 | *Deen nach nët gelidden huet, wat weess dee schon?* | Wunnibald |
| **Sonndeg** | **19** | *Deen näischt versprécht, brauch näischt ze halen* | **Bounesonndeg** |
| Méindeg | 20 | *Deen näischt ze din huet, huet nimools Zäit* | Léifchen |
| Dënschdeg | 21 | *Deen nët spillt gewënnt am meeschten* | Rejhinald |
| Mëttwoch | 22 | *Deen nët staark as, muss gescheit sin* | Babett |
| Donneschdeg | 23 | *Deen nët ufänkt, gët nët fäärdeg* | Lazert |
| Freideg | 24 | *Deen nët vill gesäit, dee kann nët vill verzielen* | Edelbär |
| Samschdeg | 25 | *Deen nët visenzeg geet, geet hannerzeg* | Adeltrud |
| **Sonndeg** | **26** | *Deen séng Wonne ka flegen as hallef geheelt* | **Krounesonndeg** |
| Méindeg | 27 | *Deen um falsche Wee ëmkéiert, huet sech nët geiirt* | Honorin |
| Dënschdeg | 28 | *Deen un der Quell gedronk huet, fënnt 't Waasser vum Bur fad* | Oswald |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREL LAND A SPROOCH

# 1989

*Määrzschnéi*
*deet der Fruucht*
*an de Riewestäck wéi.*

Warnech : d'Groussgaass.

# Määrz - Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *Deen zefridden as, huet ëmmer genuch.* | Sultbär |
| Donneschdeg | 2 | *Deen zefridden as mat deem wat en huet, as räich genuch* | Scharel |
| Freideg | 3 | *Deen zevill ufänkt, bréngt wéineg op e gutt Enn* | Kunni |
| Samschdeg | 4 | *Dee plakeg as verléiert näischt.* | Humbert |
| **Sonndeg** | **5** | *Dee Plëséier huet op der Welt, dee stierft nët gär* | Bratzelsonndeg - Hiirkesonndeg |
| Méindeg | 6 | *Dee riichte Wee as dee beschten, mä hanneneräm as méi no.* | Schrodegang |
| Dënschdeg | 7 | *Dee sech pensionnéiert léisst huet d'Schong fir de leschte Wee geschmiert.* | Feli |
| Mëttwoch | 8 | *Dee sech scho mueres fréi Suerge mécht, as owens krank* | Jhang |
| Donneschdeg | 9 | *Dee Spaass mécht, muss Spaass verstoen* | Frasel |
| Freideg | 10 | *Dee Storchen alued muss Fräschen hun* | Anastasi |
| Samschdeg | 11 | *Dee vill schwätzt muss vill wëssen odder vill léien.* | Rous |
| **Sonndeg** | **12** | *Dee vill versprécht gët wéineg* | Ellesonndeg |
| Méindeg | 13 | *Dee wot, gewënnt.* | Roddi |
| Dënschdeg | 14 | *De frieme Schmäärz geet nët un 't Häärz.* | Matill |
| Mëttwoch | 15 | *De gudde Moment vun enger Schold : wann ee se bezillt.* | Lusi |
| Donneschdeg | 16 | *Déi al Scholde bezillt een nët an déi nei léisst een al gin* | Benes |
| Freideg | 17 | *Déi äinfachst Saachen am Liewe sin déi wichtegst* | Gertraud |
| Samschdeg | 18 | *Déi eng hun de Schued, déi aner den Notzen* | Landoald |
| **Sonndeg** | **19** | *Déi gutt Réit an déi schlamm Geesse kommen ëmmer ze spéit* | Pällemsonndeg - Hemechtsdag |
| Méindeg | 20 | *Déijéineg déi ni kräischen, vi voll Tréinen* | Herbär |
| Dënschdeg | 21 | *Déi Leit, déi nimools Zäit hun, man am mannsten* | Kléimi |
| Mëttwoch | 22 | *Déi meescht Staatsbeamte loosse sech pensionnéieren, fir datt se anerwäärts schaffe kënnen* | Lea |
| Donneschdeg | 23 | *Déi Päärd déi am meeschte struewelen, zéien am mannsten* | Gréngen Donneschdeg |
| Freideg | 24 | *Déi räich Leit hun et nët vum Ewechgeheien* | Karfreideg |
| Samschdeg | 25 | *Déi schéi Weër sin nët wäit.* | Karsamschdeg |
| **Sonndeg** | **26** | *Déi Schwaach, déi zesummenhale gi staark* | Ouschterdag |
| Méindeg | 27 | *Déi uerg Päärd leën d'Oueren* | Erkebald |
| Dënschdeg | 28 | *Déi vergaangen Zäite sin déi bescht.* | Ruppert |
| Mëttwoch | 29 | *Déi Verléift mengen déi aner hätte keng An.* | Jounes |
| Donneschdeg | 30 | *De Mëller schwätzt vum Miel, de Gierwer vum Lieder* | Amede |
| Freideg | 31 | *De Mënsch schwätzt fir séng Gedanken ze verstoppen* | Benni |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1989

*De Guguck muss virum 15ten Abréll sangen a wann et aus engem huele Bam as.*

Éibéng : laanscht der Oder.

# Abréil-Gecksmount

## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Dem Poopst séng Läich hëllt nët méi Plaz an ewéi dem Koschter séng* | Hugo |
| **Sonndeg** | **2** | *Dem Uedem säi Schlof war séng lescht Rou* | Teo |
| Méindeg | 3 | *Dem Uess deen drescht, solls de d'Maul nët verbannen.* | Rich |
| Dënschdeg | 4 | *Dem Vollek séng Stëmm as dem Härgott séng Stëmm* | Isi |
| Mëttwoch | 5 | *Den alen Ochs mécht riicht Fueren* | Vinz |
| Donneschdeg | 6 | *Den Dokteren an den Affekote muss een alles soen.* | Marseli |
| Freideg | 7 | *Den Doud as e Schlof ouni Dreem* | Jhangbatt |
| Samschdeg | 8 | *Den Doud as liicht, mä 't Stierwe schwéier* | Jhilli |
| **Sonndeg** | **9** | *Den éischte Verdross as besser ewéi de leschten.* | Waldi |
| Méindeg | 10 | *Den Hond as deen eenzegen dee sech nët iergert wa séng Stéiere gehéicht gin.* | Fulber |
| Dënschdeg | 11 | *Den nootste Wee as nët ëmmer de kammoudsten.* | Stanni |
| Mëttwoch | 12 | *Den Toun mécht d'Musek* | Jhull |
| Donneschdeg | 13 | *Den Uz as dacks e Lach aus deem d'Wouerecht päift.* | Iddi |
| Freideg | 14 | *Den Zaldot waart d'hallef Zäit vu séngem Liewen ëmsoss* | Lidwin |
| Samschdeg | 15 | *De Päärd déi gutt zéien, leet ee vill op* | Huna |
| **Sonndeg** | **16** | *De Pobéier as gedëlleg* | Fliederschersdag |
| Méindeg | 17 | *De Räichtom mécht haart* | Villis |
| Dënschdeg | 18 | *De Schäi vergeet, d'Wouerecht ganz eleng besteet.* | Apel |
| Mëttwoch | 19 | *De Schiet vum Räichen as nët méi grouss ewéi dee vum Aarmen* | Emma |
| Donneschdeg | 20 | *De Schlof as der Doud säi Koséng.* | Odda |
| Freideg | 21 | *De Schmadd huet d'Zaang fir sech d'Hänn ze verbrennen* | Anselm |
| Samschdeg | 22 | *De Schnaps dat as eng Gottesgof, e leeft wéi näischt den Hals erof.* | Lex |
| **Sonndeg** | **23** | *Dëschtelen an Där stiechen uereg, béis Zongen nach méi.* | Jhorsch |
| Méindeg | 24 | *De Soff as den Ënnergank vun de Säffer* | Fiddi |
| Dënschdeg | 25 | *De Spott geet dacks do eran wou en erausgong* | Maarks |
| Mëttwoch | 26 | *De Stat as eng Piramid : uewen däärf se nët ze déck sin* | Alda |
| Donneschdeg | 27 | *De Stéier gët nët midd séng Haren ze droen* | Zitta |
| Freideg | 28 | *De Stolz passt zum Aarmen ewéi de Suedel zur Kou* | Walleri |
| Samschdeg | 29 | *De Stréck zerräisst wou en am dënnsten as* | Katräin |
| **Sonndeg** | **30** | *De Verstand vun der Fra läit an hirer Schéinheet* | Hellegard |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



AREL LAND A SPROOCH

# 1989


*Reent et am Mee*
*dann as den Abrëll verbäi.*

Leschert : d'Kiirmes am Duerf.

# Mä -Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | *De Vull erkennt een um Gesank* | Sijhismond |
| Dënschdeg | 2 | *De Wäin as dem Alter séng Mëllech* | Galber |
| Mëttwoch | 3 | *De Wäin erfrëscht déi dréche Longen an dreift säi Spill mat ale Jongen* | Flëpp - Jhak |
| Donneschdeg | 4 | *De Wollef frësst och déi gezeechent Schof* | Kristihimmelsfaart |
| Freideg | 5 | *D'Faaschtenzäit as kuurz fir deen, deen d'Ouschteren eng Schold ze bezuelen huet* | Hillar ● |
| Samschdeg | 6 | *D'Gedämmels vun den Hénger mécht esou vill Schued ewéi dat vun de Kéi* | Prudenz |
| **Sonndeg** | **7** | *D'Haaptsaach vun enger Saach as ëmmer d'Saach* | Jhisäl |
| Méindeg | 8 | *D'Paschtéier bieden och keen an den Himmel* | Idda |
| Dënschdeg | 9 | *D'Quell muss ëmmer méi héich leien ewéi de Bur* | Hiermes |
| Mëttwoch | 10 | *D'Quetschen hëllefen nëmmen dann, wann een eng ongerued Zuel ësst* | Solânsch |
| Donneschdeg | 11 | *D'Rau an 't éiwegt Leed, jappelen ëmmer hannert Jux a Freed* | Jhângu ◐ |
| Freideg | 12 | *D'Rompele kommen awer d'Naupe bleiwen* | Pankraz |
| Samschdeg | 13 | *D'Rou as 't Gewiirz vum Liewen* | Zerwaz |
| **Sonndeg** | **14** | *D'Rutt mécht d'Kannergutt* | Mammendag - Päischten |
| Méindeg | 15 | *D'Schéinheet as keen Ierfstéck* | Ruppert |
| Dënschdeg | 16 | *D'Schéinheet vum Mann läit a séngem Verstand* | Ubald |
| Mëttwoch | 17 | *D'Schmeechler sin ewéi d'Kazen, déi vir lecken an hanne krazen* | Paskal |
| Donneschdeg | 18 | *D'Schmoggler gin uecht wou d'Honn nuets haulen* | Rick |
| Freideg | 19 | *D'Schnauer as den Zännstëppler vun der Schwéiermamm* | Iff ○ |
| Samschdeg | 20 | *D'Scholde sin ewéi d'Kanner : wat se méi kleng sin, wat se méi Kaméidi man* | Nordi |
| **Sonndeg** | **21** | *D'Sonn schéngt esouwuel fir den Hallem as wéi fir d'Pëppel* | Dräifaltegkeetsdag |
| Méindeg | 22 | *D'Spréiwe si gouereg well se mat Träpp gin* | Emil |
| Dënschdeg | 23 | *D'Strof as e Buet deen hiptt : e brauch Zäit, mä säi Kommen as gewëss* | Gibbert |
| Mëttwoch | 24 | *D'Suerge mae gro Hor, maachen al ouni d'Joren* | Donati |
| Donneschdeg | 25 | *D'Uerdnong as Brout, d'onuerdong as Honger* | Soffi |
| Freideg | 26 | *Du solls déng Feinde gär hun, sot de Paschtouer, mä bak hinne kee Paangesch* | Mariann ◑ |
| Samschdeg | 27 | *D'Vollerten an d'Kanner hun hiren egene Schutzengel* | Stinn |
| **Sonndeg** | **28** | *D'Welt as nët an engem Dag gemat gin* | Zerläichendag |
| Méindeg | 29 | *D'Welt gehéiert den Optimisten, d'Pessimiste kucken nëmmen no* | Maximäin |
| Dënschdeg | 30 | *D'Wonne vun der Léift kann nëmmen deen helen, deen se gemat huet* | Ferd |
| Mëttwoch | 31 | *D'Wouerecht as ewéi Ueleg : si kënnt ëmmer erëm erop* | Lotréngen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREELER LAND A SPROOCH

1989


Reent et Muedersdag
een Abléck
da reent et sechs Wochen
an engem Stéck.

## Bunnert : de Kiircheck.

# Juni - Broochmount
## Rousemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *D'Wouerecht as fad, sot d'Kächen, dun huet se nach schnell eng Lige bäigefléckt* | Jhust |
| Freideg | 2 | *D'Zäit huet Flilleken* | Blândin |
| Samschdeg | 3 | *D'Zäit, 't Wieder, d'Fraen an 't Gléck, änneren all Abléck* | Kewwin |
| **Sonndeg** | **4** | *D'Zopp vu gëschter gët méi séier waarm ewéi déi vun haut* | Klottil |
| Méindeg | 5 | *Ech géiwe nach gäre stierwen, sot d'Fra, mä ech fäärten ech iwwerstin et nët* | Bounefaz |
| Dënschdeg | 6 | *Ee gutt Wuurt bréngt dat anert* | Norri |
| Mëttwoch | 7 | *Een Abléck näischt geschafft as fir éiweg verluer* | Jhilbes |
| Donneschdeg | 8 | *Ee Pond Plomme sin esou schwéier ewéi ee Pond Bläi* | Muedert |
| Freideg | 9 | *E gespuerte Su as zweemol verdéngt* | Diana |
| Samschdeg | 10 | *E gudde Stot muss ee sech erkräischen odder erschaffen* | Bogomill |
| **Sonndeg** | **11** | *E gutt Wäijor mécht vill blo Méindeger* | Pappendag |
| Méindeg | 12 | *Éier-s de do bas sin d'Schlecke Metz aus* | Guido |
| Dënschdeg | 13 | *E klengt Schwäin schétt bal esou vill aus wéi e grousst* | Antoun |
| Mëttwoch | 14 | *E Kranken, deen nët fëmmen däärf, fënnt dat staarken Tubak* | Ruffin |
| Donneschdeg | 15 | *E more Vergläich as besser ewéi e fette Prozess* | Väit |
| Freideg | 16 | *En décken Ufank, e schmuelt Enn* | Lutgard |
| Samschdeg | 17 | *En Deputéierten dee laang Politik dreift, gleeft sech selwer näischt méi* | Herwé |
| **Sonndeg** | **18** | *En eidele Sak bleift nët ston* | Lissbett |
| Méindeg | 19 | *Eng Dose verluge Komplimenter verdréit ee besser ewéi eng eenzeg Wouerecht* | Romm |
| Dënschdeg | 20 | *Eng ege Plaz fir alles an alles op séng Plaz* | Zilwer |
| Mëttwoch | 21 | *Eng éierlech Saach steet gutt* | Ruddi |
| Donneschdeg | 22 | *Engem Räiche mécht der Däiwel esouguer Geschenker* | Albani |
| Freideg | 23 | *Engem roden as méi liicht ewéi engem hëllefen* | Edeltrud |
| Samschdeg | 24 | *Eng grouss Sënn bleift nët laang verstoppt* | Jhangbatt |
| **Sonndeg** | **25** | *Eng gutt Fläsch Wäin bréngt engem Rou a Bese kritt een dacks nach zou* | Prosper |
| Méindeg | 26 | *Eng Paschtoueschstrass gläicht engem neie Schong : duurch dee geet och kee Waasser* | Antel |
| Dënschdeg | 27 | *Eng Quisel as de Rescht vun näischt* | Fern |
| Mëttwoch | 28 | *Eng räich Wittfra kräischt mat engem A a laacht mat deem aneren* | Renni |
| Donneschdeg | 29 | *Eng Schierbel as nach laang kee Krou* | Péiter - Pol |
| Freideg | 30 | *Eng schlecht Roll muss gutt gespillt gin* | Adlëf |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREELER LAND A SPROOCH

1989


*Op Jakobsdag zeidegt de weess. 't sief naass odder heess.*

## Giisch : 'T Schlass an den Haff.

# Juli-Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Eng séileg Stonn as e Jor Leed wäärt* | Didderech |
| **Sonndeg** | **2** | *Eng Stonn no zwielef as eng, egal wat ee mécht* | Otto |
| Méindeg | 3 | *En hongregt Päärd botzt séng Kré̈pp* | Tommes |
| Dënschdeg | 4 | *En Naasse fäärt de Reen nët, e Plakege kee Raiber* | Bert |
| Mëttwoch | 5 | *En Ochs deen drop waart datt 't Gras wiisst, erhéngert* | Antoun - Mari |
| Donneschdeg | 6 | *En Zeien dee gesinn huet, as besser ewéi een deen héieren huet* | Godléif |
| Freideg | 7 | *E Plakege kann een nët ausdin* | Willibald |
| Samschdeg | 8 | *E Pond Gléck as méi wäärt ewéi en Zenner Verstand* | Didbald |
| **Sonndeg** | **9** | *E presséierte Mann soll keng Ochsen dreiwen* | Donatiisdag an Areler Kiirmes |
| Méindeg | 10 | *E raudegt Schof mécht der honnert* | Ulréch |
| Dënschdeg | 11 | *E Räichen as entweder e Schellem odder den Ierwe vun engem Schellem* | Olga |
| Mëttwoch | 12 | *E Réckfall notzt dacks méi wéi e Knéifall* | Sabin |
| Donneschdeg | 13 | *E schéine Melodéieschell fënnt an dem Häärz e Widderhall* | Donatiismass fir d'Dierfer |
| Freideg | 14 | *E Schleek kritt 't Jor esou séier erëm ewéi en Hues* | Kammill |
| Samschdeg | 15 | *Et as keen e Proféit a séngem Land* | Anemrei |
| **Sonndeg** | **16** | *Et as kee Schnéi esou reng et as Frascht derbäi* | Madlän |
| Méindeg | 17 | *Et as kee Vull an der Luucht, hir freet sech um Bauer sénger Fruucht* | Lotti |
| Dënschdeg | 18 | *Et duerf een nët alles soe wat wouer as* | Freddi |
| Mëttwoch | 19 | *Et muss een nët all Wuurt op d'Goldwo leën* | Arsenn |
| Donneschdeg | 20 | *Et muss ee wësse winni datt een d'Tromp ausspillt* | Maargréit |
| Freideg | 21 | *Et schwätzt een nët ënnert dem Gedecks eraus* | Vicki |
| Samschdeg | 22 | *Et stierft een nëmmen eemol, an 't as een esou laang doud* | Wandril |
| **Sonndeg** | **23** | *E volle Sak fällt och gär ëm* | Gitt |
| Méindeg | 24 | *E wëllegt Häärz mécht liicht Féiss* | Kréschtel |
| Dënschdeg | 25 | *E wëllegt Päärd soll een nët schloen* | Jhokes |
| Mëttwoch | 26 | *E Won an en Affekot musse geschmiert gin, soss gi se nët* | Ann |
| Donneschdeg | 27 | *E Wuurm deen aus dem Buedem krécht, hëlt en Hong odder e Fëscher* | Nattali |
| Freideg | 28 | *Fir déi Räich huet eiser Härgott d'Medezin gemat, fir déi Aarm d'Gesondheet* | Wéckes |
| Samschdeg | 29 | *Fir e Verléiften as Bagdad nët wäit* | Marta |
| **Sonndeg** | **30** | *Fir 't éischt geschafft an da geerascht* | Pir |
| Méindeg | 31 | *Fir 't Schwäin sténkt den Dréck nët* | Ignaz |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Arel : D'Gare vum Tram.

AREL LER
LAND A SPROOCH

1989

*Zankt Luerenz mécht eng Saang odder eng Strenz.*

# August-Huewermount
## Aascht-Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dënschdeg | 1 | *Fir 't Schwäin sténkt den Dréck nët* | Fooss |
| Mëttwoch | 2 | *Fréi gesiedelt, spéit geridden.* | Usch |
| Donneschdeg | 3 | *Gëf dech wéi-s de bas, da schléi-s de selen aus der Rass.* | Liddi |
| Freideg | 4 | *Géif et keng Hieler, da géif et och keng Stieler* | Jhang - Marri |
| Samschdeg | 5 | *Géint 't Waasser schwammen as schwéier* | Abbel |
| **Sonndeg** | **6** | *Geschenkt as nët ze deier* | Oswald |
| Méindeg | 7 | *Grouss Wierder, kleng Wierder.* | Dëmmi |
| Dënschdeg | 8 | *Gudde Rot as deier a schlechte fënnt een iwwerall* | Jhänni |
| Mëttwoch | 9 | *Gudde Wäi verkeeft sech vum selwen.* | Léif |
| Donneschdeg | 10 | *Gutt gesiess as hallef giess* | Luerenz |
| Freideg | 11 | *Gutt Wuer lueft sech selwer* | Kläärchen |
| Samschdeg | 12 | *Haalt är Pëllen dobanne wann d'Hunnen dobausse sin* | Klariss |
| **Sonndeg** | **13** | *Hannert der Tak as gutt frech gin* | Hipp |
| Méindeg | 14 | *Häl e Schëpp hëllefe vill Scholde bezuelen.* | Arend |
| Dënschdeg | 15 | *Hie bleift bei séngem Wuert ewéi den Hues bei der Rommel.* | Léiffrakrautdag |
| Mëttwoch | 16 | *Honnert Pond Schagréng bezuele keen Dubbel Schold* | Roukes |
| Donneschdeg | 17 | *Hues de kee Scheck, dann hues de kee Schick.* | Hiazint |
| Freideg | 18 | *Hues de Wëlles eppes ze schaffen, da fänk un* | Hëlli |
| Samschdeg | 19 | *Iwwert den Schwätze gin der vill nët uecht wuer se trieden* | Gerrech |
| **Sonndeg** | **20** | *Iwwert engem aneren séng Feler schwätzen as gutt wann ee selwer keng huet.* | Bern |
| Méindeg | 21 | *Jidferee weess am beschte wou de Schong en dréckt* | Krëschtoff |
| Dënschdeg | 22 | *Jidfer Kréimer lueft séng Wuer* | Siffert |
| Mëttwoch | 23 | *Kaum gebueren as ee räich genuch fir ze stierwen.* | Rëselchen |
| Donneschdeg | 24 | *Keen Duerf as ze dreckeg a kee Bauer ze domm fir e Politiker an der Walzäit.* | Baartel |
| Freideg | 25 | *Kee Prisong as schéin a keng Braut ellen* | Lui |
| Samschdeg | 26 | *Keng Regel ouni Ausnam* | Herlwin |
| **Sonndeg** | **27** | *Keng Rous ouni Dar* | Monika |
| Méindeg | 28 | *Kuck fir 't éischt op dech, duemo uertel iwwert mech* | Auguschtin |
| Dënschdeg | 29 | *Laang Rieden an dënn Zopp halen nët bäi* | Medrech |
| Mëttwoch | 30 | *Léier schwätzen ier-s de de Mond opdees* | Fiaker |
| Donneschdeg | 31 | *Léiwer Spaass ewéi Eescht* | Arri |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1989

*Bréngt Méchelsdag Reen*
*du Kann een de Wanter*
*de Pelz undin.*

## Frällen : Eng Trapp Kéi um Wee.

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *Mat der Zäit kënnt Rot.* | Jhiddi |
| Samschdeg | 2 | *Mat gudde Wierder riicht ee méi aus wéi mat schlechten* | Ingrid |
| **Sonndeg** | **3** | *Mat Spaasse geet d'Zäit erëm* | **Bittgang op Kaschbuur** |
| Méindeg | 4 | *Mat woodlechem Waasser kacht een näischt.* | Roseli |
| Dënschdeg | 5 | *Muncheree sicht ee Su a verbrennt dräi Käärzen derbäi* | Lori |
| Mëttwoch | 6 | *Munch Saach gesäit een anescht virdrun ewéi duerno.* | Bertram |
| Donneschdeg | 7 | *Näischt soen as nët ëmmer Gold a kann och heiandsdo Blech sin.* | Klodoald |
| Freideg | 8 | *Nët all Päärd kréien d'Huewer déi se verdéngt hun* | **Mariagebuurt** |
| Samschdeg | 9 | *Nët gespillt as sécher gewonn* | Alli |
| **Sonndeg** | **10** | *No an no mécht de Villche säin Nascht.* | Innes |
| Méindeg | 11 | *Nom Ree gët schéint Wieder.* | Addelf |
| Dënschdeg | 12 | *Och dat Schéint muss stierwen* | Viktoria |
| Mëttwoch | 13 | *Och déi Räichst stierwen aarm* | Ammes |
| Donneschdeg | 14 | *Och de Wuurm krëmmt sech wann e getraff gët.* | **Kräizdag** |
| Freideg | 15 | *Och en Hor mécht Schiet* | Rolles |
| Samschdeg | 16 | *Ongléck mat de Fraen a Gléck mat de Päärde gët e räiche Mann* | Editt |
| **Sonndeg** | **17** | *Rieden ouni ze denken as ewéi schéissen ouni ze biichten* | Lampert |
| Méindeg | 18 | *Rouegt Waasser frësst de Grond.* | Rischild |
| Dënschdeg | 19 | *Schaff mat Loscht, da kriss de Loscht un der Aarbecht* | Milli |
| Mëttwoch | 20 | *Schalott wat soll ech vun der denken? Bei all Maufel eng Tréin!* | Dawwi |
| Donneschdeg | 21 | *Schaum as kee Béier* | Mätti |
| Freideg | 22 | *Schéi Leit hu schéi Saachen, wat se nët hun dat loosse se sech maachen.* | Morris |
| Samschdeg | 23 | *Schéin Deeg lueft een owes, schéi Frae mueres* | Kosi |
| **Sonndeg** | **24** | *Schéinheet ouni Dugend as eng Quell ouni Waasser.* | Jhier |
| Méindeg | 25 | *Schierbele brénge Gléck* | Hermann |
| Dënschdeg | 26 | *Schlecht Wuer gët vill gelueft* | Koum - Dammi |
| Mëttwoch | 27 | *Schwätzen as kee Geld, Opweises gëlt* | Fënz |
| Donneschdeg | 28 | *Sech geplot as och gelieft* | Wenzel |
| Freideg | 29 | *Sou as et an der Welt : déi eng hun de Beidel, déi aner hun 't Geld* | Méchel |
| Samschdeg | 30 | *Soubal een op der Welt as, as ee sénges Liewes nët méi sécher.* | Jhirem |



ARELER LAND A SPROOCH

# 1989

*De Lukassummer*
*huet déi selwecht Kraaft*
*wéi eng al Giedel.*

## Woulker : D'Kappell vum Hellege Kräiz.

# Oktober-Wäimount

## Gromperemount-Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *Sou geet et an der Welt : deen een dee klëmmt, deen anere fällt* | Tréischen |
| Méindeg | 2 | *Sou richteg handelt keen an der Welt, datt och jiddereen et fir richteg hält* | Liutwin |
| Dënschdeg | 3 | *Sträit tëscht Verléiften huet keng grouss Bedeitong* | Gierend |
| Mëttwoch | 4 | *'T as besser heibaussen ze streiden ewéi am Prisong averstan ze sin* | Fraassi |
| Donneschdeg | 5 | *'T as besser Stëbs op de Schong ewéi Stëbs um Hënner* | Blumm |
| Freideg | 6 | *'T as besser zéng Jor éischter ze stierwen, ewéi de Rescht vu séngem Liewen aarm ze sin* | Brunnes |
| Samschdeg | 7 | *'T as eng Sënn vu sénge Matmënsche Schlechtes ze denken, mä 't as selen en Iirtom* | Zersch |
| **Sonndeg** | **8** | *'T as e schlechte Schmadd dee keen Damp verdroe kann* | Pellajhi |
| Méindeg | 9 | *'T as näischt Klengs wann e Päärd an der Wéi läit* | Dënni |
| Dënschdeg | 10 | *'T as näischt onméiglech, awer engem Plakegen an d'Täsch ze späizen, dat as onméiglech* | Jhislîn |
| Mëttwoch | 11 | *'T as nëmme Gléck an Ongléck an dëser Welt* | Firmi |
| Donneschdeg | 12 | *'T bléist keen e waarmen Uewe kal* | Wilfer |
| Freideg | 13 | *'T erkennt een d'Mauer um Steemetzer* | Jherald |
| Samschdeg | 14 | *'T gesäit ee méi wäit iwwert 't Waasser ewéi dran* | Kallist |
| SONNDEG | **15** | *'T gët Politiker déi enger Fläsch Schampes gläichen : se stelle sech selwer kal* | Tréisi |
| Méindeg | 16 | *'T hun der vill Brigel néideg déi aneren der gin* | Gall |
| Dënschdeg | 17 | *'T kann een e räiche Mann an iewel en aarme Mënsch sin* | Baldwin |
| Mëttwoch | 18 | *'T muss ee Villes erdroen ir ee vun Alter stierft* | Laukes |
| Donneschdeg | 19 | *'T sin der vill déi musse sech vergiessen, fir erëm zou sech ze kommen* | Renert |
| Freideg | 20 | *'T soll een nët méi verzieren ewéi de Plou kann ernieren* | Wendelin |
| Samschdeg | 21 | *'T soll ee wësse wat ee seet, iewel nët alles soe wat ee weess* | Urschel |
| **Sonndeg** | **22** | *'T Stierwen as dat lescht wat ee kann ufänken* | Loddi |
| Méindeg | 23 | *'T verléiert een am meeschten Zäit mat de sougenannte gutterzugene Leit* | Jhang |
| Dënschdeg | 24 | *'T Waasser huet ëmmer d'Form vun der Vas* | Ewergil |
| Mëttwoch | 25 | *'T Wieder erkennt een um Wand, den Här um Kniecht, de Papp um Kand* | Angelram |
| Donneschdeg | 26 | *Um halwe Wee as liicht ëmkéieren* | Dimm |
| Freideg | 27 | *Un engem Steen dee rullt bleift kee Moss hänken* | Eemlin |
| Samschdeg | 28 | *Un enger Saach déi geschitt as, as näischt ze änneren* | Simm - Judd |
| **Sonndeg** | **29** | *Verbëtz déng Tréinen nët fir 't Leed vu gëschter* | Ermelind |
| Méindeg | 30 | *Verbrennt dech nët mat frieme Kuelen* | Dor |
| Dënschdeg | 31 | *Verbrennt der d'Zong nët un anerleits Zopp* | Wollefchen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




1989

*Wann et viru Määrtesdag fréiert*
*datt et eng Gäns dréit,*
*da gët et keen haarde Wanter.*

## Attert : Laanscht der Atert.

# November-Wantermount
## Allerhelgemount-Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Verbuede Wuer zitt un | Allerhellegen |
| Donneschdeg | 2 | Vill gi rout am Gesiicht wann s'eng Wouerecht soen | Allerséilen |
| Freideg | 3 | Vill hun Tuppi awer keng Hor | Haupert |
| Samschdeg | 4 | Vill schaffe sech am Liewe kromm a krëppeleg fir räich ze stierwen | Imri |
| **Sonndeg** | **5** | Vill Stécker gët e Ganzt a vill Wéineg gët e Vill | Zilwi |
| Méindeg | 6 | Virun der Dot, hal Rot | Léinert |
| Dënschdeg | 7 | Vrum Zänndokter rappt jiddereen de Mond op | Willibrord |
| Mëttwoch | 8 | Vrun der Léift a vrum Doud déngt et näischt staark ze sin | Goffert |
| Donneschdeg | 9 | Vrun der Wouerecht man d'Leit gär d'Fënster zou | Téidi |
| Freideg | 10 | Vullen déi enger Fiederen droen, fléie gär zesummen | Leo |
| Samschdeg | 11 | Vum Waasser kritt ee Fräschen an de Bauch | Määrten |
| **Sonndeg** | **12** | Vun de Schléi gët eng fett Kou mor | Krëschtjänn |
| Méindeg | 13 | Vun engem Pond Wouerecht gin Zennere Lige gemat | Brix |
| Dënschdeg | 14 | Vu séngem Schiet kann ee sech nët trennen | Siddoni |
| Mëttwoch | 15 | Wann de Bësch séng Schéinheet verléiert, da fierft e sech, d'Fraleit och | Äbbi |
| Donneschdeg | 16 | Wann deen 't Polver misst erfannen, da géng et an dausend Jor nach kee Krich gin | Gréidi |
| Freideg | 17 | Wann de Raf eidel as, da klappen d'Päärd | Lissbett |
| Samschdeg | 18 | Wann der zwee streiden, do huet en drëtten d'Hand am Spill | Oddo |
| **Sonndeg** | 19 | Wann de Schnéi mat der Sonn ofgeet, da kënnt en erëm | Mechtill |
| Méindeg | 20 | Wann ech emol mäi Päärd bis gesiedelt hun, da kommen ech och drop | Edmo |
| Dënschdeg | 21 | Wann een d'Rou nët bei sech fënnt as et onnëtz se anerwäärts ze sichen | Ruff |
| Mëttwoch | 22 | Wann een engem Efalt schmeechelt, da geet en ausserneen ewéi Deeg | Zëssil |
| Donneschdeg | 23 | Wann een e Päärd wëllt verkafen, leet een eng Decken op et | Klëmm |
| Freideg | 24 | Wann ee sech uspaant, muss een och zéien | Flora |
| Samschdeg | 25 | Wann en op e Päärd klëmmt vergësst e säin Härgott, klëmmt en erof da vergësst e säi Päärd | Kätti |
| **Sonndeg** | **26** | Wann et reent mat ënnescht Wand, da reent et mat Onverstand | Delfin |
| Méindeg | 27 | Wann-s de déng Scholde bezills, gesäis de klor | Astrid |
| Dënschdeg | 28 | Wann-s de vun anere schwätz, denk un dech, da bas de roueg | Jhokes |
| Mëttwoch | 29 | Wann 't Schwäin dreemt, dann as et vu Spullwaasser | Zerni |
| Donneschdeg | 30 | Wat dausend Wierder nët fäärdeg bréngen, bréngt dacks eng Tréin fäärdeg | Ander |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




**Réidel : Bléck zur Kiirch.**

ARELER LAND A SPROOCH

# 1989

*Vir Kréschtdag e Spond*
*No Kréschtdag e Spéndchen.*

# Dezember - Kréschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *Wat de Sonndeg wëllt hun, fänkt de Freide schon un.* | Alluis |
| Samschdeg | 2 | *Wat ee gär héiert, dovu schwätzt ee gär.* | Bibbi |
| **Sonndeg** | **3** | *Wat een ewechschenkt, dat huet een nët méi* | **Adwent** |
| Méindeg | 4 | *Wat manner Räiter, wat besser Bäiter.* | Bäärbel |
| Dënschdeg | 5 | *Wat mat Päife kënnt, geet mat Trommele fleten* | Sabbes |
| Mëttwoch | 6 | *Wat méi dack zum Trach, wat méi no zum Lach* | Niklos ◐ |
| Donneschdeg | 7 | *Wéi de Papp, esou de Jong.* | Ambros |
| Freideg | 8 | *Werf mat engem Steen an en Trapp Honn, da billt nëmmen deen dee getraff gouf* | Fridda |
| Samschdeg | 9 | *Wie gutt schmiert, dee gutt fiert.* | Gorgonia |
| **Sonndeg** | **10** | *Wie gutt sëtzt soll nët réckelen* | Milti |
| Méindeg | 11 | *Wiem nët ze roden as, deem as och nët ze hëllefen* | Danni |
| Dënschdeg | 12 | *Wien a Réitsele beicht, gët mat Réitsele lassgesprach.* | Jhänni ○ |
| Mëttwoch | 13 | *Wien d'Rechnong ouni de Wiirt mécht, dee mécht se zweemol* | Lazéi |
| Donneschdeg | 14 | *Wien nët schafft, soll nët iessen* | Uddel |
| Freideg | 15 | *Wie sat as versteet den Hongregen nët* | Ninni |
| Samschdeg | 16 | *Wie schafft, dee biet* | Addeléid |
| **Sonndeg** | **17** | *Wie schafft huet keng Zäit fir Geld ze verdéngen* | Lazert |
| Méindeg | 18 | *Wie schlecht doheem as, as nët besser dobaussen* | Winnibald |
| Dënschdeg | 19 | *Wie schléift, ësst.* | Urbéng ◑ |
| Mëttwoch | 20 | *Wie sech fläisst fir räich ze gin, bleift nët onschëlleg* | Abram |
| Donneschdeg | 21 | *Wie sech nët sat ësst, dee leckt sech och nët sat.* | Jhakob |
| Freideg | 22 | *Wie sech op säi Recht behaapt, soll selwer gerecht handelen.* | Fränzelchen - Zaff |
| Samschdeg | 23 | *Wie sicht, dee fënnt.* | Dagobär |
| **Sonndeg** | **24** | *Wie stëppele wëllt, fënnt iwwerall eng Rittchen.* | Addeli |
| Méindeg | 25 | *Wou der zwee streiden, do huet en drëtten d'Hand am Spill.* | **Kréschtdag** |
| Dënschdeg | 26 | *Wou gebrach gët, gët et Schierbelen* | Steffen |
| Mëttwoch | 27 | *Wou keng Schimt as, as keng Eier.* | Jhängelchen |
| Donneschdeg | 28 | *Zefriddenheet geet iwwer Räichtom* | Kasper ● |
| Freideg | 29 | *Zeieprozess, Spëtzbouweprozess* | Daw |
| Samschdeg | 30 | *Zu Roum gët och gesënnegt.* | Rosch |
| **Sonndeg** | **31** | *Zweemol ka kee stierwen, eemol muss ee stierwen* | Zilwester |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ